JANUAR 2021

# ANCES IN TRANSITION

ances
association nationale des communautés éducatives et sociales a.s.b.l.

Lëtzebuerger Fachverband fir Sozial Aarbecht, Bildung an Erzéiung

## Léif Memberen a Frënn vum ANCES-Fachverband

Et ass eng Zäitchen hier, dass dir Neiegkeeten vun der ANCES kritt hutt, an deen een oder aner huet sech villäicht gefrot, wat leeft iwwerhaapt an der ANCES? Mat dëser Newsletter wëlle mer Iech op den neiste Stand setzen iwwert dat wat momentan geschitt bei der ANCES, déi souzesoen an der ***Transitioun*** as.

Et huet sech vill gedoen an deene leschte 12 Méint. Eis Generalversammlung war den 20. Mee 2020. An eisem Verwaltungsrot sinn nei Gesiichter bäikomm an d'Responsabilitéite sinn am Conseil vum 26. Juni dann och nei verdeelt ginn a wäertvoll, laangjäreg Conseilsmemberen hu proposéiert sech méi periodesch a zu spezifeschen Theme souwéi Aarbechtsgruppen an der Zukunft anzebréngen.

Deen gréisste Changement um Niveau vun eiser Vereenegung ass sécherlech eng Konventioun mam MENJE - *Ministèr de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse*, déi mir Enn 2019 ugebuede kruten an déi mir am Summer 2020 ënnerschriwwen hunn. Domadder gi mir als Austauschplatfform fir déi verschidden Akteuren am Sozialwiesen ënnerstëtzt am Sënn vun enger "communautés des pratiques" respektiv "professional community". Et erlaabt eis och fir eis an den nächste Joeren ze professionaliséieren an e gudde Mix tëscht éierenamtlechem Engagement a professionneller Organisatiounsféierung ze fannen.

## THEMEN

- Viirwuert vum Président
- De Verwaltungsrot stellt sech vir
- Di nei ANCES-Equipp
- Gratulatioun, dem neien OKaJu!
- Aktuell Projet'en
- Perspektiv 2021
- Verschiddenes
- Ee gesond neit Joer



Duerch eis Konventioun hunn mer och endlech elo fest Raimlechkeeten an dat zu Izeg um Site vun de Soeurs Franciscaines, wou och schonns 1865 Kanner stationär opgefaange goufen a gefleegt an erzu goufen, wéi et deemools geheescht huet. Mir befannen eis also do, wou een Volet vun eise Schwéierpunkte léit, an der Kanner- a Jugendhëllef.

Mir sinn elo an der glécklecher Situatioun, dass mer zwou jonk, dynamesch a kompetent Mataarbechterinne rekrutéiert hunn, déi am Déngscht vum ANCES-Fachverband schaffen. Ab Januar gëtt eisen Duo ënnerstëtzt vun enger zousätzlecher administrativer Fachkraaft.

Et ass och an deem Beräich wou mer momentan vill Zäit investéieren. Mir sinn aktiv am konsultativen Prozess vum Ausschaffen vun engem "**Cadre de référence** et d'un dispositif de contrôle qualité pour le secteur de l'Aide à l'Enfance et à la Famille (AEF)" bedelegt an zesumme mam MENJE, dem ONE an der FEDAS ass den **AEF Social Lab** an d'Liewe geruff ginn.

Weider Projeten sinn en cours. Eisen Internetsite ass am gaangen néi gestallt ze ginn, den ARC-Bulletin an de "Comité d'accompagnement et de conseil scientifique" sollen dës Joer nei lancéiert sinn, wou natierlech och jidderee vun iech häerzlech invitéiert ass sech drun ze bedeelegen.

Eng Publikatioun an d'Mise en oeuvre vun den themateschen **Sozialrouten** um UNESCO-Areal vun Stad Lëtzebuerg souwéi eng Dokumentatioun zu der Virtragsrei zur Jugendjustiz an Europa sinn am gaangen ausgeschafft ze ginn. Dëst ass en klengen Iwwerbléck vun deem, wat iech an der Newsletter erwaart.

Zum Schluss, wéilt ech de Memberen aus dem Verwaltungsrot souwéi eise Mataarbechterinne villmools Merci soen, fir déi vill an exemplaresch Aarbecht déi an de leschte Méint geleescht gouf.

2021 wëlle mir awer och verstäerkt mat eise Memberen, Frënn a Partner vun der Vereenegung a Kontakt sin. Soubal ët Covid-bedingt rëm méiglech as, wëlle mir zu Itzeg d'Diiren grouss opmaache fir eis op dësem "meeting place" ze begéinen. Di dohin awer wënschen ech Iech, datt Dir gudd durch dës Zäit kommt an alles Guddes fir 2021.

**Geert van Beusekom**, Präsident
president@ances.lu



# DE VERWALTUNGSROT STELLT SECH VIR



Präsident

**Geert, van Beusekom**, Bachelor en sciences sociales et éducatives. Berufflech aktiv sinn ech aktuell bei Jacques Brocquart, wou ech Directeur adjoint am Internat Sainte-Anne zu Ettelbréck sinn.
Säit dem Summer 2020 sinn ech Präsident vun der ANCES asbl. Meng besonnesch Interessen bzw. Schwéierpunkte gëllen der (ëffentlecher) Jugendaarbecht, der Bientraitance an der Formation continue am Beräich AEF.
Derniewent interesséieren ech mech besonnesch fir d'Formatioun an dem Lerncoaching. A menger Fräizäit verbréngen ech vill Zäit mat menger Fra a mengen zwee Kanner, a fueren och mol gären E-Bike.

**Petra Böwen**, Diplom Pädagogin, Hauptdozentin. Zur Zäit schaffen ech ob der uni.lu als Studiendirektesch vum beruffsbegleedende Bachelor a Sozial- an Erzéiungswëssenschafte souwéi vum Zertifikat LernCoaching, an ech si Grënnerin a Leederin vum PraxisBüro. Ech kommen aus der Groussregioun a sinn zënter 33 Joer als Grenzgängerin zu Lëtzebuerg am Soziale Sektor täteg:
an der Praxis, a Ministeren an an der Aus- a Weiderbildung.
Ëmmer wor an ass mäin Ziel, all Acteuren- national an international- ze kennen an ob Aenhéicht ze vernetzen. Ech spiere mech der lëtzebuergescher Gesellschaft am Allgemengen an der Sozialer Aarbecht am Besonnesche verflicht a sinn dofir och als Benevole engagéiert.



Vize-Präsidentin



**Charel Schmit**, pédagogue-enseignant. De Charel gouf 2001 Member vun der ANCE wéi hien berufflech am IEES ugefaang huet, no séngem Studium vun den Erzéiungs- a Politikwëssenschaften zu Köln. Vun 2005 bis Februar 2020 war hie Präsident vun der ANCES. Zesumme mat de ViirstandskollegInnen gouf no der "Relance de l'ANCE" (2005) eis Vereenegung zum allgemengen "Fachverband fir Sozial Aarbecht, Bildung an Erzéiung" weiderentwéckelt, wéi d'ANCES säit der Statutereform 2011 och offiziell heescht. Ab 1. Februar trëtt de Charel d'Mandat vum neien *Ombudsmann fir Kanner a Jugendlecher* un a wäert aus Grënn vun der Incompatiblitéit nët méi Member kënne sin. De Verwaltungsrot an d'ANCES-Ekipp wënschen dem Charel alles Guddes bei sénger neier berufflecher Aufgab a soen him Merci! fir déi vill a wäertvoll Aarbecht déi hien fir d'ANCES geleescht huet.

# DE VERWALTUNGSROT STELLT SECH VIR


Secrétaire

**Gabrielle Meyer**, Infirmière an Psychologin. Gebuer de 24 Mäi 63 zu Déifferdeng, hunn ech vir d' éischt mol Infirmière geleiert a dono Psychologie zu Tréier studéiert. Ech si bestuet, Mamm vun dréi Kanner an och schonns Bomi vun dréi Enkelkanner. Ech hunn an engem SPOS geschafft, am Lycée pour professions de Santé, am Haus Omega, hunn meng eege Praxis iwwert Jore gehat, an der Sécuritéit Sociale an am ONE geschafft an elo am Moment schaffen ech an enger ESEB. Ech si sozial engagéiert a verschiddensten Organisatiounen.

**Jacques Glod,** 46 Joer, ass bestuet an huet zwee Kanner. Hien huet no der Hotelschoul Hotelmanagement zu Bréissel a Geo zu Tréier studéiert a gelieft. Duerno huet hien d'Erzéierausbildung berufsbegleitend gemaach. Hien huet iwwer 16 Joer a verschiddenen Heemer geschafft, virun allem mat Jugendlechen. Säit 2016 ass hien um ONE fir den Heemberäich zoustänneg an huet 2019 ugefaangen de Bachelor am Sozialen op der Uni ze maachen. Hien ësst gär gutt, wanderen ass eng Freed a Schifueren säin Hobby.


Secrétaire


Trésorier

Paul Demaret, educateur gradué et Master Européen en Médition, Médiateur agrée. J'étais occupé pendant 10 ans au sein d'un Centre d'accueil en tant qu'éducateur gradué. Depuis 2001, je suis coordinateur du Centre de Médiation asbl.

# DE VERWALTUNGSROT STELLT SECH VIR

**Danielle Lellinger** ass Sozial-an Diplompädagogin a säit 2010 fräiberuflech aktiv an der Erwuessenebildung am Beräich vun der Erzéierausbildung an der Weiderbildung vun der non-formaler Bildung fir Kanner.


Member


Member

**Marc Trausch,** am Februar 1981 hunn ech um Ministère de la Santé mat schaffen ugefaangen. Ech gouf dunn no puer Méint an d'Administratioun vum CHNP detachéiert. 1984 krut ech e Congé sans Solde fir d'Ausbildung zum Educateur gradué ze maachen. 1986 hunn ech dunn beim Staat gekënnegt an hunn fir 8 Joer am Foyer Noémi, enger geméschter Wunngrupp fir Jugendlecher, geschafft. 1994 sinn ech an den Internat St. Joseph gewiesselt an hunn do bis 2003 geschafft. Ab 1989 hunn ech och am LTPES matgeschafft. Vun 2003 un hunn ech dunn nëmme méi am LTPES geschafft. Wéi an der E2C (an der haiteger ENAD) viru 4 Joer den Educateur en alternance ugebuede gouf hunn ech och do matgeschafft. Am Oktober 2018 gouf ech dunn fir eng hallef Tâche op de MENJE detachéiert.

**Christoph Weirich**, Diplompedagog (Universität zu Köln). Meng beruflech Schwéierpunkte sinn den non-formale Bildungsberäich, d'Erwuessenebildung, déi beruflech Weiderbildung souwéi d'Aarmutsbekämpfung an de sozialen Zesummenhalt.
Säit 2016 schaffen ech fir d'Caritas fir de Service de formation an d'Veille socio-politique.
Ech wunnen zu Tréier, zesumme mat menger Fra an eisen zwee Kanner. Am allerléifsten empfänken a bekachen aner Mënschen, a si ganz Familljemënsch an iwwerzeegten Heimwerker: „DIY!“


Member

# DE VERWALTUNGSROT STELLT SECH VIR


Member

**Françoise Origer,** Educatrice graduée (IEES); aktuell am Fernstudium „integrative Lerntherapie“ op der Uni zu Chemnitz. Nom Staatsexamen 2004 hunn ech am Internat zu Miersch ugefaange mat schaffen, wou ech haut Attachée à la Direction am Schoulgebai "Beringen" zu Miersch sinn. Aktuell sinn ech Member vum Groupe de pilotage vun der neier Ecole européenne agrée type II (offre internationale) zu Miersch. Engagéiert sinn ech an der APSA an an der APEG - d’Beruffsverbänn vun der Sozialer Arbecht a vun de Sozialpädagogen a setze mech am Syndicat vun den Educateur gradué’en (SLEG/CGFP) an. A menger Fräizäit genéissen ech Zäit mat menger klenger Famill a mat menge Frënn, maache gäre Sport, ginn an d’Natur eraus, reesen oft (wou ech gäre Fotoe maachen) a profitéieren a konzentréiere mech op déi kleng schéi Momenter am Alldag.

**Guy Aeckerlé,** 52 Joer, bestuet, 2 Kanner. Meng éischt Ausbildung war am Beräich Commerce a Gestioun, 1991 hunn ech den Educateur gradué nogeholl a weiderféierend Studien am Beräich Pedagogik zu Tréier gemaach. Berufsbegleedend hunn ech dann nach ee Master of Arts in Social Services Administration gemaach. Meng beruffflech Statioune waren: Mataarbechter bei Jacques Brocquart am Internat um Lampertsbierg; Direkter vum Foyer Sainte-Elisabeth a Responsabel fir de CSEE zu Schrasseg. Säit 2013 sinn ech Responsabel vun der Unité de Sécurité am CSEE zu Dräibuer. Derniewent war ech als Praktikumsbegleeder aktiv, Matbegrënner vun der APEG a säit 2004 sinn ech bei der ANCES. A menger Fräizäit engagéieren ech mech beim Lions, de Pompjeeën, der Marschsektioun a war Member vum Jugendroutkräiz, vun der Theaterekipp am Kapuzinertheater wei och bei der Keelefederatioun.


Member


Member

**Gilles Braconnier, 41 Joer,** Educateur gradué. A mengem beruffleche Werdegang hunn ech 3 Joer an enger Crèche geschafft, 6 Joer an enger Maison Relais a säit 2010 sinn ech um Office national de l'enfance. Hei hunn ech a verschiddene Servicer geschafft (Evaluatioun, Fleegeelteren, Ausland, SLEMO) a säit dësem Joer sinn ech Responsabel fir d'Logistik an d'Informatik. Ech si Jonggesell an a menger Fräizäit fueren ech gäre Ski, ginn seegelen oder tauchen.

***...to be continued. Fortsetzung folgt...***

# MIR GRATULÉIEREN!

## CHAREL GOES OKAJU!



De Charel ass elo wierklech net an e puer Wuert ze beschreiwen. E Personnage „hors du commun“, den am positive Sënn de Kader sprengt, nei Weeër opweist a Visiounen entwéckelt, déi oft wäit hirer Zäit viraus sinn. Duerfir ass hie bekannt. De Charel ass och een de mol kee Blat virun de Mond hëlt, wann et muss sinn. Hien trëtt vehement fir d’Saach an, - net nëmme fir Kannerrechter – mä fir all déi Themen, déi mat sozialer Gerechtegkeet, Inclusioun, Participatioun, geliefter Demokratie, asw. ze dinn hunn. Duerfir kann hie fir sou munch Leit eventuell onbequem sinn, mä bei senge Matstreider, Weebegleeder a Kolleege fënnt hie vill Luef an Zousproch.

Mä wann ech un de Charel denken, da gesinn ech virun allem e Mann viru mir, den d’Häerz um richtege Fleck huet, de mënschlech ass, empathesch, de nolauschteren an och e gudde Rot ka ginn. Déi, déi de Charel als Kolleeg hunn, wësse genau wat si un him hunn.

Fir dat ganzt a puer Wuert ze maachen, wëll ech einfach nach e puer Gedanken a Stéchwierder formuléieren, déi menger Meenung no gutt zum Charel passen. Iwwert d’Reiefolleg vun dësem „Brainstorming“ hunn ech mir elo keng grouss Gedanke gemaach. An dass de Charel mënschlech top ass, gouf jo och schonns gesot:

Hien ass een, deen déi richteg Leit ëm sech versammelen a si „en Valeur“ setze kann. Dat bescht Beispill ass hei jo d’ANCES.

E Schaffert, voller Energie mat groussem Wëssen, kreativ, engagéiert , gerecht, interesséiert.

E Mann den a villen Domänen doheem ass an op ville Piano ka spillen. Fir eise Secteur gëtt jo gesot, dass fir eppes ze bewierken, Praxis, Wëssenschaft a Politik mussen zesummekommen. Déi Beräicher do deckt de Charel a senger Persoun eleng schonns all of. Hien ass e Mann mat vill Anung vum Terrain, den och an der Wëssenschaft an an der Politik doheem ass.

Hien ass genau de richtegen a senger nei Funktioun. Mir all wënschen eis, dass de Charel sou bleift, wéi en ass, well dann huet d’Saach gewonnen an hie wäert vill als Ombudsmann bewierken. A fir d‘ANCES wënschen ech mir, dass de Charel eis nach laang aktiv a mat Rot an Dot erhale bleift, och wann dat dann net méi als Frontmann ass.

Marc



*ANCE-Generalversammlung 2001 am Kannerheem Itzig*



*ANCE-Generalversammlung 2005 um Campus Walfer*

# NEI ANCES EKIPP

Fir d'éischt säit hirem Bestoe vun iwwert 40 Joer, konnt d'ANCES duerch eng Konventioun mam Educatiounsministère Personal astellen. D'Fanny Dedenbach an d'Magali De Rocco konstituéieren déi kleng Ekipp vun der ANCES. Ab Januar 2021 ginn si duerch eng administrativ Fachkraaft, den Thomas Hintermayer, ënnerstëtzt.



Collaboratrice

**Magali De Rocco**, 35 Joër, Bachelor en sciences sociales et éducatives a Master of Arts Soziale Arbeit/ Soziale Innovation. A mengem berufflече Werdegang hunn ech Erfarungen am Beräich vun der Economie sociale a solidaire, der non-formaler Bildung an der Participatioun, wei och am Logement gesammelt. Ech hunn grouss a kleng, jonk an al Organisatioune bis elo duerfte kenneléieren a si frou an houfreg mech voll a ganz fir de Fachverband vun der Sozial Aarbecht dierfen anzesetzen.

Mat mengem Mann an eiser Duechter genéissen ech déi schéinste Stonnen am Dag. Lafen an Trëpplen an der Natur, a Reese si meng grouss "Sehnsüchte"...

**Fanny Dedenbach,** Bachelor an der Geschicht, Master a moderner europäescher Geschicht & Master a Kriminologie.

Säit Oktober 2020 schafft hat 10 Stonnen an der Woch bei der ANCES. D’Fanny huet sech op d’ëffentlech Wahrnehmung vu Gesetzer a Prozesser am historesche Kontext an op de Mindestalter fir Strofmündegkeet zu Lëtzebuerg spezialiséiert. Momentan schafft hat haaptsächlech un der Publikatioun zum Cycle de Conférences iwwert d’Reform vum Jugendschutzgesetz déi d’ANCES mat editéiert. Hat wäert och mat um Avis zur Reform vum Jugendschutzgesetz schreiwen an ënnerstëtzt d’Magali beim Consultatiounsprozess vun der AEF a beim Projet vun de Sozialrouten.

A senger Fräizäit spillt a produzéiert d'Fanny Theater, mécht Improvisatiounstheater, sengt a mécht Yoga.



Collaboratrice


## NEI ANCES EKIPP



Collaborateur

**Thomas Hintermayer**, 57, wohnhaft in Trier. Seit dem 15.01.21 arbeite ich im Statut EMI bei der ANCES.
In meinem beruflichen Werdegang habe ich unter anderem die Ausbildung zum Krankenpfleger und Coach/Suggestopäde nach den Regeln dgsl.de absolviert. Mein Wissen durfte ich einbringen und erweitern als Krankenpfleger (in Luxemburg), bei der luxemburgischen Pflegeversicherung, als Chargé de direction in einem Altersheim und im Bereich der Erwachsenenbildung (Resozialisierung und Integration).
Warum EMI?
Nun ich habe das was ich allen immer dringend ans Herz gelegt habe... NICHT getan..
"Achtet auf Eure Work-Life-Balance".
Ich bin sehr froh darüber dass ich jetzt bei der ANCES meine Erfahrungen und meine Hilfe einbringen darf .

**www.kinderschutz-grossregion.eu**
**www.protection-enfant-grande-region.eu**




*La plateforme collaborative transfrontalière en matière de défense des droits des enfants et de protection des enfants a été créée en juin 2019 à l'initiative d'un ensemble de partenaires de la Grande Région et à la suite du projet INTERREG EUR&QUA (2017-2020) : professionnels intervenant dans l'accompagnement médico-éducatif et social des enfants, magistrats, défenseurs des droits, responsables politiques, représentants des autorités administratives, formateurs, chercheurs...*

# PROJET'EN BEI DER ANCES

## AEF SOCIAL LAB -
## EE NATIONALE CONSULTATIOUNSPROZESS
## AN DER KANNER- A JUGENDHËLLEF

Zënter dem September 2020, ass d'ANCES aktive Partner am konsultativen Prozess vum Ausschaffen vun engem "Cadre de référence et d'un dispositif de contrôle qualité pour le secteur de l'Aide à l'Enfance et à la Famille (AEF)", den am Koalitiounsaccord 2018-2023 viirgesin as.





www.bertrand-hagenmuller.com/a-tes-cotes

Zesumme mat der FEDAS asbl, der ANCES asbl an dem ONE lancéiert d'***Direction générale AEF vum MENJE*** an dësem Kontext ee breede Konsultatiounsprozess mat allen Akteuren. Esou soll an enger **participativer**, **kollaborativer** an **innovativer** Approche een Rahmenplan fir d'Qualitéit am Fachberäich vun der Kanner- a Jugendhëllef entstoen.

Säit dem offizielle Lancement mam „Kick-OFF" online Webinär den 10. November 2020, wäerten weider thematesch Evenementer nokommen. Sou gi vun Dezember 2020 bis de Juli 2021 fortlafend Workshops, Interview'en, Fokus Gruppen a Konferenze ronderëm d'Thema Kanner- a Jugendhëllef a Jugendschutz organiséiert.

Informatiounen iwwert de Projet fannt Dir op eiser Internetsäit (www.ances.lu) a geschwënn och iwwert den Site: www.aef.lu.
Interesséiert matzemaachen? Dann schreift Iech an op aefsociallab@men.lu a gitt bei neien Evenementer informéiert.



# PERSPEKTIVEN 2021

## RELANCE VUM ARC BULLETIN  - SCHREIF MAT!




Den ARC Bulletin - eng vun den Häerzensugeleeënheete vun der ANCES - kënnt säit 1978 reegelméisseg eraus. 2021 wäert dëse Fachmagasinn fir Sozial Aarbecht, Bildung an Erzéiung nees nei opgeluecht ginn.
Déi éischt Ausgab 2021 wäert sech dem Thema vun der Aide à l'enfance an dem Jugendschutz widmen. Mir lancéieren heimat schonns am Virfeld een "Call for Papers" fir interessant Bäiträg aus der Praxis a Fuerschung.
Sidd Dir interesséiert beim nächste Comité rédactionnel vum ARC Bulletin dobäi ze sinn, da schreift eis op: info@ances.lu

## COMITÉ D'ACCOMPAGNEMENT ET DE CONSEIL SCIENTIFIQUE

Ewéi an de Statute virgesinn, soll de Comité Scientifique e feste Bestanddeel vun den Aktivitéite vun der ANCES sinn. Fir 2021 wëlle mer dem Comité eng nei Dosinnsberechtegung  ginn an aktiv 2-3 Diskussiounsronne wärend dem Joer animéieren. An eiser Visioun fir de praktesche pedagogeschen Alldag mat der Wëssenschaft ze verbannen ass jidderee vun Iech häerzlech an dësen Diskussiounsronne wëllkomm. Am Ufank wäerte mir aktuell Theme virschloen a mir wiere frou wann souwuel dir vum Terrain, ewéi och dir aus dem wëssenschaftleche Feld un dëse Manifestatioune géift deel huelen. Et ass d’Heterogenitéit vum Grupp, déi et mëscht, dass Theme lieweg a gräifbar sinn. Doriwwer eraus besteet fir d’Memberen och d’Méiglechkeet an eisem internationale Reseau, gemeinsam un Kolloquien, Fachdiskussiounen a Formatiounen am In- an och am Ausland deel ze huelen. Mir freeën eis op Iech.
Interesséiert fir matzemaachen? Schreift eis op info@ances.lu

## IN MEMORIAM



*« On doit partir de l'idée que l'intégration sociale des personnes handicapées est une revendication collective, un objectif politique et social et non un simple résultat technique. »*
*Emile Hemmen, in : Le handicat mental (1981)*

Les membres et adhérents de l' «Association Nationale des Communautés Éducatives et Sociales - *Lëtzebuerger Fachverband fir Sozial Aarbecht, Bildung an Erzéiung*» ont le triste devoir de faire part du décès de leur membre fondateur et président d'honneur

**Monsieur Émile Hemmen**

6 décembre 1923 – 8 janvier 2021

Émile Hemmen était directeur du Centre de Réadaptation de la Ligue HMC à Capellen lorsqu'il prit l'initiative en 1978 de créer une association regroupant tous les professionnels et acteurs du secteur socio-éducatif et en tant que section luxembourgeoise de la *Fédération Internationale des Communautés Éducatives.* Sur le chemin vers le droit à l'inclusion il fut l'un des premiers défenseurs de l'intégration scolaire, sociale et professionnelle des enfants et jeunes en situation de handicap.

Tout en honorant son œuvre sociale, humanitaire et littéraire, nous garderons de lui un souvenir reconnaissant et présentons nos sincères condoléances à la famille éplorée.

Wien méi iwwert d'Liewen a Wierk vum Emile Hemmen wëllt gewuer gin:
http://emilehemmen.lu/
https://www.autorenlexikon.lu/page/author/319/3193/DEU/index.html

ances

40 years

lëtzebuerger fachverband
fir sozial aarbecht, bildung an erzéiung a.s.b.l.

*Sozial Denken*
*Sozial Handelen*

**2020 - 2017** ANCES Partner am interregionale Projet
**«Développement d'un espace transfrontalier de protection internationale de l'enfance»**

EUR&QUA

Summerakademie fir Sozial Aarbecht, Bildung an Erzéiung *(projet)*

**2016 - 2014** ANCES lëtzebuerger Partner am europäesche Projet « Children's Rights Behind Bars», Viirleefer-Projet vun der internationaler Étude fir d'Vereente Natiounen iwwert de Fräiheetsentzuch bei Kanner a Jugendlech.

NGO Panel for the Global Study on Children Deprived of Liberty





**2011** ANCES Member vum franséischsproochegen internationale Fachverband vun der Sozialer Aarbecht: **Association Internationale pour la Formation, la Recherche et l'Intervention Sociale**


aifris

**2011** Aus der ANCE gëtt d'ANCES: Association nationales des Communautés éducative et sociales» am Sënn vun engem allgemenge „**Lëtzebuerger Fachverband fir Sozial Aarbecht, Bildung an Erzéiung**"

ances

**2009** FICE-Europa-Expertentagung zu Lëtzebuerg „**Sozialpädagogische Arbeit mit Jugendlichen im Kontext von Geschlossener Unterbringung (GU) und Freiheitsentziehenden Maßnahmen (FEM)**"





**2006** ANCES-Uni.lu-Symposium „**Multiprofessionell an interdisziplinär - zesummen 1 Schoul**"

**2005** Aus dem digitaliséierten ANCE-Bulletin entstet den **„arc : archiv fir sozial aarbecht, bildung an erzéiung"**.

arc archiv fir sozial aarbecht, bildung an erzéiung



**2003** ANCE Matgrënner vun der Coalition Nationale des Droits de l'Enfant a.s.b.l. (CNDE) www.kannerrechter.lu

**2000** FICE-Europa-Tagung zu Lëtzebuerg „Jugend-Hilfe – Jugend-Strafe. Zum Umgang mit Kinder- und Jugenddelinquenz im europäischen Vergleich"

**1998** ANCE-FICE-Europa-Kongress zu Lëtzebuerg: La délinqunce juvénile en Europe.

**1992** Internationale FICE-Kongress zu Lëtzebuerg "Policymaking, Research and Staff Training"

**1985** Internationalt Joer vun der Jugend: Internationale Kongress "Aktuelle Probleme Jugendlicher in der Heimerziehung in Europa" (org.: ANCE-ADCA-FICE-Inter)





**1979** Internationalt Joer vum Kand. ANCE-Nationalkongress zu Situatioun vun de Kannerrechter zu Lëtzebuerg

**1978** Grënnung vun der ANCE « **Association Nationale des Communautés Éducatives a.s.b.l.**» de 9. Juni 1978

**1952** Fondation du « Cercle d'Études de l'Enfance Inadaptée » à Esch → précurseur de l'ANCE.


**1950** **Camp International d'Enfants au Château de Sanem**. Sur proposition d'Edouard Barbel (1905-1994), secrétaire de la commission scolaire d'Esch-sur-Alzette et trésorier de la FICE (1951-1967) et Ferd Oth (1921-1977), fondateur "Kannerschlass" (1950-1967)






**1948** Grënnungskongress vun der FICE - « Fédération Internationale des Communautés Éducatives » am Pestalozzi-Kinderdorf Trogen an der Schwäiz : « **The education of war-handicapped children** »

FICE



# GIDD MEMBER VUM ANCES-FACHVERBAND!

## FICHE D'ADHÉSION POUR NOUVEAU MEMBRE

Dans le souhait de devenir membre de l'association de l'ANCES, organisation non-gouvernementale actif dans le domaine de l'intervention sociale et éducative, et sur base de l'article 7 de l'association, je soussigné,
respectivement notre organisation / organisme / institution / association :
*(Prière de cocher et/ou biffer ce qui convient respectivement ne convient pas)*

- Souhaite rester **membre actif individuel** de l'association à voir article 7 des statuts
- Souhaite devenir **membre actif institutionnel** de l'association
- Souhaite devenir **membre d'honneur** de l'association

Voici mes coordonnées personnelles respectivement celles
de notre représentant-e / délégué-e / correspondant de l'institution :
M./Mme. : ______________________________
Adresse : ______________________________
CP/Local. : ______________________________
Tél. : ______________________________
Courriel(s) : ___________________________
Date et signature et/ou tampon
de l'institution/organisme/association :______________

Extrait des statuts de l'ANCES : Membres. Art. 7 L'association comprend : « Art. 7 : Toute personne physique ou morale ayant déclaré par communication écrite ou orale leur désir d'adhésion à l'ANCES sous réserve d'être agréées par le conseil d'administration de l'association, et d'être ratifiées par les membres lors de la réunion plénière suivante, sans que cette décision doive être justifiée. L'association comprend:

- des **membres actifs individuels** : (a) tout professionnel et praticien de l'intervention sociale et éducative respectivement étudiant ou en formation (pédagogues sociaux, intervenants sociaux, travailleurs sociaux, éducateurs, éducateurs gradués, pédagogue curatifs, instituteurs), (b) les enseignants et formateurs, formateurs d'adultes (c) les chercheurs (d) les usagers / bénéficiaires de services / clients / ayants-droits (e) les bénévoles (intéressés et particuliers) (f) les décideurs institutionnels (gestionnaires ou administrateurs d'institutions éducatives et sociales, d'institutions d'enseignement) et politiques (g) multiplicateurs (journalistes, ONG)
- **institutionnels**: toute institution, association, organisation, société ou entreprise, tout établissement, organisme, service ou groupement œuvrant dans les domaines de l'intervention éducative et sociale et désireux d'adhérer à l'association et de participer à ses activités
- des **membres d'honneur**: personnes physiques, institutions, entreprises, désireuses de soutenir les activités de l'association par des cotisations ou subventions ou par leur appui matériel et moral
- des membres à titre honorifique: nommés par le conseil d'administration de l'association
- des membres collaborateurs: personnes respectivement bénévoles participant ponctuellement à la réalisation de projets, exempts d'une cotisation annuelle et désignés par le conseil d'administration."

Suite à l'acceptation de la demande d'adhésion par le C.A., le nouveau membre est contacté et demandé à régler la cotisation respective.

ances
association nationale des communautés éducatives et sociales a.s.b.l.

lëtzebuerger fachverband fir sozial aarbecht, bildung an erzéiung a.s.b.l.

# Sozial Denken
# Sozial Handelen




Die 1978 gegründete ANCES ist heute...

... ein unabhängiges Fachforum und eine offene Diskussionsplattform für Praxis und Theorie der Sozialen Arbeit in Luxemburg auf einer möglichst breiten Basis

... eine Schnittstelle für Praxis und Theorie in den verschiedenen Arbeitsfeldern der Sozialen Arbeit – Sozialarbeit / Sozialpädagogik, social work, intervention sociale.

... eine im internationalen Verbund tätige Organisation

aifris

FICE

Der Fachverband setzt sich kritisch auseinander mit den Ergebnissen der wissenschaftlichen Forschung und den Erfahrungen der Praxis, sucht und unterstützt zeitgemäße Lösungen.
Als offenes Fachforum setzen wir uns ein für eine qualitativ hochwertige Soziale Arbeit im Interesse der Klienten und der Gesellschaft.

arc
archiv fir sozial aarbecht, bildung an erzéiung



Die Fachzeitschrift der ANCES erscheint seit Oktober 2008 unter dem Namen „arc ¦ archiv fir sozial aarbecht, bildung an erzéiung". Sie dient als Bogen („arc") und Brücke zwischen Theorie und Praxis in der Sozialen Arbeit und soll die Entwicklung im Bereich der Sozialen und erzieherischen Arbeit in Luxemburg dokumentieren sowie zur Diskussion anregen.


Den ANCES-Fachverband
wënscht Iech all ee gesond an
erfollegräichts Joër 2021